N°3294
Entrée le 18.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro Nr. 3294 vum 5. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**1. Den trilaterale Vertrag gouf virun exakt 10 Joer ënnerschriwwen. Wat ass d'Zukunft vum Luxembourg Centre for Logistics (LCL) an dem LSCM-Programm? Gëtt de Vertrag verlängert an, wa jo, zu wéi enge Konditiounen?**

De Luxembourg Centre for Logistics (LCL) ass am Kader vun enger Kooperatioun tëscht der Regierung, der Universitéit Lëtzebuerg an dem Massachusetts Institute of Technology (MIT) gegrënnt ginn. Am Dezember 2024 huet d'Universitéit decidéiert, den Accord mam MIT net ze erneieren.

**2. Firwat gi fir d'Studiejoer 2026-2027 keng nei Studenten an de Masterprogramm opgeholl? Op wéi enge Grënn baséiert dës Entscheedung?**

Fir dat akademescht Joer 2026–2027 si keng nei Inscriptiounen am Master an der Logistik a Supply-Chain-Management (Master in Logistics and Supply Chain Management) virgesinn, well d'Universitéit Lëtzebuerg decidéiert huet, de Programme d'études grëndlech ze iwwerschaffen. Dës Entscheedung baséiert op enger Analyse vum Programm aus dem Joer 2024, déi och eng Evaluatioun duerch e Grupp vun externen Experten ëmfaasst huet. Si dréit zousätzlech de Remarquë vun eisen externe Partnere Rechnung, besonnesch vun den Akteuren aus dem lëtzebuerger Logistik- a Supply-Chain-Secteur. Si huet zum Zil, dës Transformatioun op eng strukturéiert an ofgestëmmte Manéier ëmzesetzen an dobäi besser op d'Bedierfnesser vum lëtzebuerger Aarbechtsmaart souwéi op d'international Entwécklunge vum Secteur anzegoen.

**3. Gouf et eng Evaluatioun vum Centre an dem LSCM-Programm? Wann jo, wou kann dës fonnt ginn a no wéi enge Krittäre gouf d'Bewäertung gemaach?**

D'Universitéit Lëtzebuerg huet eng Etüd duerchgefouert, fir d'Aktivitéiten vum Luxembourg Centre for Logistics (LCL) souwéi d'Plus-value vun der Partnerschaft mam Massachusetts Institute of Technology (MIT) am Verhältnis zu den agesate Mëttel ze evaluéieren. Dës Analyse verleeft no dräi Achsen: (1) a wéi wäit den Accord mam MIT eng Plus-value fir d'Aktivitéite bréngt, déi am Verhältnis zu den investéierte Ressourcë steet; (2) déi strategesch Noutwennegkeet vun dëser Partnerschaft fir d'Weiderféierung an de Succès vun de Fuerschungs- an Enseignementsaktivitéiten am Beräich Logistik op der Universitéit Lëtzebuerg an zu Lëtzebuerg; an (3) d'Konformitéit vum existente Masterprogramm mat den aktuellen an zukünftege Besoine vum nationalen an internationalen Aarbechtsmaart.

**4. Kuckt een déi héich international Visibilitéit, d'Unerkennung an d'Reputatioun vum Programm (1. Plaz am internationale Ranking), gëtt d'Partnerschaft mat dem MIT verlängert?**

- **Wa jo, zu wéi enge Konditiounen?**
- **Wa nee, firwat net?**

Wéi an der Fro 1 uginn, gëtt, op Basis vun der an der Äntwert 3 erwäänter Etüd, d'Partnerschaft mam MIT net erneiert.

**5. Well de Programm aktuell en 1-Joer-Master ass, ass virgesinn, dësen an en 2-Joer-Master ëmzewandelen? Wann jo, géif dat zu engem allgemenge Managementprogramm féieren?**

D'Universitéit Lëtzebuerg wëll den aktuelle staark spezialiséierte Master vun engem Joer an e Master iwwer zwee Joer (120 ECTS) transforméieren, deen den Absolvente vun engem Bachelor zougänglech ass a besser an déi gesamt Studienoffer vun der Universitéit integréiert ass. Dës Transformatioun ass Deel vun engem méi grousse Projet fir e Master ze schafen, dee besser op déi identifizéiert Besoine vum Secteur äntwert, notamment op déi wuessend Nofro no hybride Profiller am Beräich Ingenierie a Management.

**6. Firwat ass de Centre ënnerbesat (nëmmen 3 Professere, keen Outreach) a wäerten d'Ressourcë vum Centre verstäerkt ginn, fir d'Kontinuitéit vu Fuerschung, Léier an Outreach-Aktivitéiten ze garantéieren?**

D'Universitéit viséiert, d'Ressourcen am Beräich Logistik nei ze positionéieren an ze konsolidéieren, andeems dës Aktivitéiten an der Fakultéit fir Naturwëssenschaften, Technologien a Medezin (FSTM) integréiert ginn. Dëst ass Deel vun enger strategescher Ambitioun am Beräich Logistik souwéi am Beräich Ingenierie a Management. De But ass et, dës Aktivitéiten nohalteg ze konsolidéieren an ze perenniséieren an engem akademeschen Ëmfeld, dat un de Kompetenzen ausgeriicht ass, déi am Kader vum LCL entwéckelt goufen - notamment Ingenierie, Daten an Optimiséierung.

**7. Wéi eng Impakt huet dës Entscheedung op d'Studenten, déi aktuell am Programm ageschriwwe sinn? Gi se bis zum Enn vun hirer Formatioun betreit?**

D'Studenten, déi aktuell am Masterprogramm „Logistics and Supply Chain Management" ageschriwwe sinn, ginn net vun der Decisioun betraff, den Accord mam MIT net ze erneieren. Den MIT huet confirméiert, datt och ouni Erneierung vum Accord d'Kohort, déi am September 2025 gestart ass, ënner de Konditioune vum Accord weider ënnerstëtzt gëtt. D'Interruptioun vun den Inscriptiounen betrëfft nëmmen déi zukünfteg Kohorte wärend der Phas vun der Reform vum Programme d'études.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul
(s.) Stéphanie OBERTIN